


3. Februar 2024 / 74

Wäert Monitricen, Moniteuren,
Stellvertrieder, Assistenten, wäert Kolleegen a Frënn,

Den 30. Januar 2024 hunn mir, JFA-EXE, mat den Departementer DPV, DMS a INFS-JP eng Auswäertung vun de Reuniounen an deenen 4 Zonen gemaach. Vàv vun 2022 gouf et vill Positives, mä mir mussen zesummen no vir kucken a net stoen bleiwen. Eng Auswäertung vun der Zefriddenheet gouf gemaach a hei ass d'Resultat:

| | |
|---|---|
| Ganz zufrieden | 37 |
| Zufrieden | 36 |
| Es geht | 3 |
| Nicht zufrieden | 0 |
| Gar nicht zufrieden | 1 |




Total hunn sech 77 Persounen bedeelegt. MERCI

Uschléissend hunn mir eis domadder befaasst:

1) Wat fuerdere / wëllen d'Moniteuren?
2) A wéi enger Form kéint dëst ëmgesat ginn?
3) Wat sinn déi nächst Schrëtt / Delai'en?

Zu deenen Froen > deemnächst hei méi 😊.

## "Save the Date"

Colloque vun de Moniteuren **23. Mäerz 2024** um CNIS
National Schwammmeschterschaft **24. Mäerz 2024** zu Diekirch
AG FNP & JFA **19.04.2024** zu Miersch
Nationalen Concours **08.06.2024**
Journée Nationale de la Sécurité civile **22.09.2024** zu Echternach

**Merci am Numm vum JFA!**


nicolas.grisius@cgdis.lu // Gsm: 661 231068

# Wëssenstester 2024 – dëst Daten sinn schonns bekannt ☺

| Datum | Wou |
|---|---|
| 16.03.2024 | Wäiswampech |
| 27.04.2024 (moies) | Kohler |
| 27.04.2024 (mëttes) | SaDiff |
| 16.11.2024 | Konsdref |



**INFO'EN säitens der DPV (Département des Pompiers volontaires)**

*De Link zu der Newsletter: https://gd.lu/7FqBd6*

*Heimat wëlle mir Iech mat de neisten Informatiounen an engem klengen Iwwerbléck iwwert d'Aktivitéiten vum CGDIS op dem neiste Stand halen.*


## De Wiessel vum Jugendpompjeeë an den operationelle Volet

Fir Weeër an Zäit vum Wiessel ze verkierzen kennen d'Jugendpompjeeën elo och un de Rekrutéierungsdeeg deelhuelen. Sou kënnen si de Sportstest, déi medezinesch Ënnersichung am STP, an d'Umoossen vun der Asazkleedung souwéi d'Aschreiwen fir hir Coursen (CIC, FIS 1 a SAP 1) an engem hallwen Dag ofzeschléissen. Dësen Dag kann och dovun profitéiert ginn fir nach weider Froen iwwer de Wiessel ze stellen.
D'Kleeder ginn an de jeeweilegen CIS geliwwert.

➔ **Opgepasst: Deelhuelen un der Journée de Recrutement réischt ab 15 Joer an 9 Méint**

**https://112.public.lu/fr/publications/formations/testsportvolontaires.html**


### Les épreuves pour l'année 2024 :




- 22 février - (jeudi) - **Journée de recrutement** au CNIS
- 23 mars - (samedi) - **Journée de recrutement** au CNIS
- 25 avril - (jeudi) - **Journée de recrutement** au CNIS
- 4 mai - (samedi) - **Journée de recrutement** au CNIS
- 27 juin - (jeudi) - **Journée de recrutement** au CNIS
- 20 juillet - (samedi) - **Journée de recrutement** au CNIS
- 29 août - (jeudi) - **Journée de recrutement** au CNIS
- 28 septembre - (samedi) - **Journée de recrutement** au CNIS
- 17 octobre - (jeudi) - **Journée de recrutement** au CNIS
- 7 novembre - (jeudi) - **Journée de recrutement** au CNIS
- 30 novembre - (samedi) - **Journée de recrutement** au CNIS
- 12 décembre - (jeudi) - **Journée de recrutement** au CNIS

https://112.public.lu/fr/volontariat/Volontariat/testsportvolontaires.html

- **Umellen iwwer:**
  - **Mail: volontariat@cgdis.lu**
  - **Tel.: 49771-2332**




## Aus eisen Jugendsektiounen 😊

Jugendsektiounen **Ëlwen**, **Wäiswampech** a **Veianen** zu Beefort op der Äispist:







**Jugendpompjeeën CIS Fiels** 13.01.2024



Gëschter sinn eis Jugendpompjeeën zesummen mat hieren Jugendleeder an d'Joër 2024 gestart.

Währenddeems eis méi jonk Jugendpompjeeën zesummen am Zenter un enger Übung zum Thema 1.Hëllef deelgeholl hun, sin déi méi eeler Jugendpompjeeën mat raus op d'Chrëschtbeemechersammlung gefuer.



Alles an allem war béides ee vollen Erfolleg an mir haaten ee flotten Samsdeg!

**CIS Remich:**
Hei gouf op eng modern a spilleresch Aart a Weis fir den Wëssenstest trainéiert.










**CIS Bourscheid:**
An de läschten Übungen hu mir eis der Fahrzeugkunde gewidmet, Ofkierzunge gesinn, Gefierer kennegeléiert an natierlech eisen LF am Detail ugekukt.





**CIS Ermsdorf: > 06.01. & 20.01.2024**

Mir haaten eis 1. Übung fir 2024, all eis Kanner hunn motiwéiert an voller Freed um 9 Auer mat der Übung gestarrt. Haut stoung Théorie an Praxis vun den Leinen, Knoten und Stiche um Programm. Dei grouß hun deenen klengen virbildlech gehollef.






Geschter haten mir rem Übung. D Kanner hun decideiert, dass mer den Foußdëngst man.

De Pit huet d Theorie and Praxis mat hinnen gema an zum schluss hun mir een klengen Kahoot gema wou eis Kanner gudd oofgeschnidden hun.

**Wanterwanderung an der Zone SUD den 27.01.2024**

Hei haten sech iwwert 170 Jugendlech mat hiren Moniteuren zu Rëmeleng getraff a no 7,5km gouf et Wupp mat engem Gedrénks ewéi och engem flott Bouf vun der Amicale CIS Rëmeleng.









**Op den leschten Stëppel:**

**Mir hoffen, dass dir e flotten Liichtmëssdag hat 😊**




02.02.2024

CGDIS - Corps grand-ducal d'incendie et de secours
[Léiwer Herrgottsblieschen]

Geschter um 2. Februar feieren d'Kanner zu Lëtzebuerg Liichtmëssdag, a gi mat Liichtebengelcher a Lampion'ë vun Dier zu Dier sangen. Dofir passt gutt op wann Dir mam Auto ënnerwee sidd.

**Mir probéieren alleguerten Är Wënsch mat anzebannen ☺!**
**Well Dir eis Newsletter'en bestellen oder ofbestellen, da gitt eis Bescheed.**


nicolas.grisius@cgdis.lu // Gsm: 661 231068